8 Fëscher vun eiser Sektioun woren an d'Vogesen gefuer fir um Frëndschaftsfëschen "24 heures de Saulxures" dat vum Club " VOSGES MOUCHE" organiséiert gin wor, deeel ze huelen. d'FLPS – Sektioun Mouches wor hei mat den Équipen **Gilson/Pauly**, **Strotz/Dilk**, **Bissener/Decker** an **Bartholmé/Scheid** vertrueden. Am Virfeld wor virgesin dass den Claude sollt mam Ben Scheuer zesummen fëschen mée leider konnt Dësen aus gesondheetlechen Grënn net matfëschen esou dass den Luss dun fir Hien angesprongen ass, mir profitéieren dann och dovunner fir dem Ben op dësem Weë éng gudd Besserung ze wënschen.

Mir woren schon een Dag virum Kongkur ungereest fir domader den Stress vun der Unrees esou kléng ewei méiglech ze halen an hun dun awer dovunner profitéiert fir den Dag vun eiser Unrees mat éngem gesellegen Fëschen an der Moselotte, éngem vun den villen schéinen Flëss déi een an den Vogesen fannen kann, ze fëschen.

All Owend wor Taktik - Bespriechung an onserem Chalet ronderëm den Uewen an heibäi ass et dem Luss ëmmer woarm ëm d'Häerz gin, net dass d'Rieden déi hei geschmass gin sin esou feierlech gewiecht wären, née den Luss huet just iwwert dem Uewen geschloof an zu séngem Leedwiesen huet dësen wonnerbar fonktionéiert esou dass Hien och nach spéiderhin vun der opgehëtzten Stëmmung profitéieren konnt. Den Misch huet um Firowend vum Kongkur éng feierlech Anstëmmung beim Uewen zum Beschten gin déi op éng gewëssen Manéier un d'Wort zum Sonntag erënnert huet, mée wat mécht een net Alles fir d'Kollegen ze motivéieren!

Um Kongkur hun 35 Équipen deelgehol ewoubäi déi Meeschten aus Frankräich komm sin an awer niewend der lëtzebuerger Vertriedeung och belsch Équipen participéiert hun. Et ass Moies um halwer néng mat der Anschreiwung las gaangen an um zéng Auer ass déi éischten Manche ungaangen. Et sin dun dräi Manchen a 30 Minutten gefëscht gin wat an eisen Aaën zäitlech gesin ze kuurz wor. Dun wor d´Mëttegiessen ungesot an Mëttes ab zwou Auer sin dun riicht duurch bis acht Auer Owes Manchen a 50 Minutten gefëscht gin. Den zweeten Dag ass et dun Moies schon um acht Auer las gaangen wat mat sech bruecht huet dass um halwer sechs Moies schon den Wecker gerabbelt huet, hai ass dun bis zwou Auer Mëttes riicht duurch gefëscht gin an Manchen zu 50 Minutten. Ganz originell wor bei dësem Kongkur dass och éng Manche am Boot ausgefëscht gin ass ewoubäi all Kéiers een Équipier mat éngem Fëscher aus énger anerer Équipe zesummen huet missen mam Boot op den Séi erausfueren fir sech un der jeweilerger Boje fest ze strëcken an dann ass dun hei d´Manche ausgefëscht gin. Dat wor éng wirklech geloongen Experience an éng zousätzlech Opwäertung vum Kongkur ewoubäi een allgemeng soën kann dass den Kongkur wonnerbar organiséiert wor an den CLUB VOSGES MOUCHES sech all erdenklech Méih gin hat fir een flott Frëndschaftsfëschen ze organiséieren. Een groussen Plus heibäi woren niewend dem wonnerschéinen Séi och déi beschtens équipéiert Chaletën ronderëm den Séi ewou déi eenzel Équipen dran logéiert woren.

Den sportlechen Deel ass séier verzielt ewoubäi d´ lëtzebuerger Équipen net hir beschten Deg erwëscht haten an awer Alleguer ënnert den éischten zwanzég Équipen figuréiert hun. Et muss eeen awer heibäi déi ganz gelongen Perfomance vun der Équipe **Bissener/Decker** hervir sträichen, den Paul an den Philippe haten sech als siewend Équipe ënnert 35 Équipen klasséiert an haten et fäerdeg bruecht bannent deenen zwee Deg net een eenzegen Kapot ze fëschen.

Gewonnen gouf den Kongkur vun eisen Kollegen aus der Belsch der Équipe **Lorquet/Bazan**, als Zweet sin d´Équipe **Jamagne/Zapo** och aus der Belsch herfir gaangen an den Podium ofgeschloss huet d´Équipe **Bryis/Borni** aus Frankräich.

d´lëtzebuerger Équipen klasséieren sech als 7. d´Équipe **Bissener/Decker** , als 16. d´Équipe **Bartholmé/Scheid** als 18. d´Équipe **Strotz/Dilk** an als 19. d´Équipe **Gilson/Pauly**, ënnert 35 Équipen.

Zeréck behalen wäerten mir mat Sécherheet dräi formidabel Deg ënnert Fëscherkollegen, an wann och net Alles geklappt huet esou iwwerweit dach déi komerodschaftlech Ambiance ënnert eis Fëscher an esou kann een dann och eemol erdroën sech net ewei normaler Weis ënnert deenen Beschten klasséiert ze hun.